2016/4

# REWA NEWS



CIPA

‹‹ Résidence Op der Waassertrap ››



Commune de Sanem

# Inhalt


| | |
|---|---|
| 3. | Editorial vum Här Goelhausen Marco |
| 4. | Accompagnementer vum Här Lebboroni René |
| 5. | Retro |
| 6. | Sport |
| 7. | Fester |
| 8. | Fotoen |
| 9. | Fotoen |
| 10. | Infos/ Filmprojektiounen |
| 11. | Ausfluch/ Nächst Fester |
| 12. | Chrëschtbazar |
| 13. | Chrëschtsangen |
| 14. | Begleethënn am CIPA/ Gebuertsdagsfeier/ Concerten |
| 15. | Et hunn eis verlooss 2016 |
| | Gedenkfeier |
| 16. | Wëllkomm eisen neie Mataarbechter 2016 |
| | Schéi Feierdeeg |
| | Neijoerschpatt |



**IMPRESSUM**

| | |
|---|---|
| ZEITUNG VUM: | CIPA 'Résidence Op der Waassertrap' |
| REDAKTIOUN: | Residenten an d'Lola Feltz (éducatrice diplômée/Animation) |
| LAYOUT: | Lola Feltz |
| VERBESSERUNG: | Cliff Schmit |
| FOTOEN: | Personal vun der Equipe Animation a Marie-Paule Muller |
| DROCK: | IMPRIMERIE CENTRALE |
| ADRESS: | RESIDENCE Waassertrap \| L-4408 Belvaux |
| TEL.: | +352 59 49 40 - 1 |
| KONTO: | Kontosnummer fir en 'Don' |
| | LU35 0019 5201 0195 3000 bei der BCEE. |
| INTERNET SITE: | www.cipa-sanem.lu |

# Editorial



Léif Residenten, Familljemememberen, Sympathisanten a Mataarbechter vum REWA,

Ween hätt dat virun en etlech Jore geduecht? Elo sinn et schonn iwwer 4 Joer hier, dass eise CIPA vun Zolwer erof op de Belval geplënnert ass. An dat war eng gutt a richteg Décisioun!

Et war wuel och schéin op der Dickskopp an esou muencher een hat eng Tréin am Knäpplach, wéi mär op d'Waassertrap geplënnert sinn. Mä deemools, wéi d'Décisioun geholl gouf een Altersheim zu Zolwer ze bauen, war d'Iwwerleeung déi, deenen eelere Leit eng Plaz am Gréngs, no beim Bësch ze ginn fir a Rou kënnen hiren Alldag ze verbréngen. Op den 1. Bléck kléngt dat jo och ganz plausibel, mä ech mengen, dass d'Erfahrung gewisen huet, dass dee Standuert spéiderhin net nëmme méi Virdeeler hat. Mat der Zäit ass aus dem Altersheim, wou een am Ufank huet misste valid si fir kënnen opgeholl ze ginn, ee CIPA ginn, wou och ëmmer méi fleegebedürfteg Leit erakoumen.

Jo, et war ee rouege Site, mä fir meng Begrëffer zevill roueg, well d'Residente bal ausschliisslech ënner sech waren. Ausser de Mataarbechter, déi sech ronderëm d'Auer ëm hiert Wuel gekëmmert hunn an de Familljememberen a Bekannten, déi op Besuch komm sinn, hunn d'Residenten net ganz vill aner Leit ze gesi kritt, mat Ausnam vun deenen Deeg wou emol Festivitéiten organiséiert goufen.

Déi Strooss virum ale CIPA war net extrem attraktiv fir vill spadséieren ze goen. A vum Bësch um Lëtscheff hannenaus, konnte just déi allerwéinegst Bewunner profitéieren, well d'Weeër fir déi meescht Leit, déi net méi esou gutt ze Fouss waren, sech dann awer als ze géi erwisen hunn. Och fir Rollatoren a Rollstill war et net esou “easy” fir am Ausseberäich ze zirkuléieren.

An deem Sënn huet eisen neie CIPA op der Waassertrap eng Rëtsch Virdeeler. En ass optimal placéiert, direkt bei der flotter Haaptplaz vum Quartier, wou elo scho vill Leit zirkuléieren, obschonn nach net all Projete realiséiert sinn, déi an der Ëmgéigend geplangt sinn. Op der anerer Säit vun der Waassertrap wäert an deenen nächste Joren ee Schoulkomplex entstoen, wat mat sech bréngt, dass vill Kanner mat hiren Elteren iwwert d'Place Marcelle Lentz-Cornette wäerten ze Fouss goen. D'Uni bréngt d'Studenten, also jonk Erwuessener, op de Belval, esou dass een interessante Mix vu Mënschen aus villen Alterskategorie sech virum CIPA begéine kënnen. D'Zesummeliewe vun alle Generatiounen ass ee wichtege Faktor an der Präventioun vun der Isolatioun, virun allem fir eeler Leit.

Een anere grousse Virdeel vum Standuert vum REWA ass, dass een direkt vun der Plaz op een attraktive Spadséier- a Vëloswee kënnt, wou soss kee Verkéier ass, nämlech d'Waassertrap selwer. Do kënnt een och mam Rollator oder mam Rollstull relax virun. Et begéint een deenen ënnerschiddlechste Leit, et kann een ënnerwee op enger vun de Bänke raschten, de Leit einfach nëmme Moie soen oder e bëssche matenee sproochen. Direkt iwwert der Waassertrap ass de Park Belval geleeën, deen nach zousätzlech Ofwiesselung bitt a schéin Ausblécker op verschiddden Uertschaftsdeeler vun eiser Gemeng an op den ënneschten Deel vum Belval mat der Héichuewenterrasse erméiglecht.

An deem Sënn wënschen ech jidderengem, deen dës puer Zeile liest, och am Numm vum Schäfferot, vill schéi Momenter op der Waassertrap, eng gutt Gesondheet an ee gudde Rutsch an dat neit Joer 2017.

Marco GOELHAUSEN


Schäffen an der Gemeng Suessem

# Thema: Accompagnementer

Accompagnementer

Zënter 2013 proposéiert de CIPA de Service “Accompagnement”. D’Iddi vun dësem Service ass et d’Residenten an d’Spidol, bei den Dokter oder op speziell Wonschplazen z’accompagnéiere wann d’Famillje keng Zäit hunn. Sortien déi hei drënner fale sinn net vun der Assurance Dépendance (SO 117) virgesinn an och net bezuelt.

All Resident ka vun dem Service Gebrauch maachen. Dofir muss een eng ‘‘Demande d’Accompagnement‘‘ bei der Animatioun oder an der Infirmerie ausfëllen oder ausfëlle loossen. Fir dass dës Demande valide ass, muss se vum Resident oder der Famill ënnerschriwwe sinn. Ob jidder Fall muss d‘Famill informéiert sinn. Duerno gëtt gekuckt, op Personal ze Verfügung ass an ob d‘Camionnette fräi ass. Ass dat de Fall, gëtt déi Sortie organiséiert a vum Responsabele vum Service “Accueil et Hébergement“ ënnerschriwwen an autoriséiert.




Programméiert Aktivitéiten hu Virrang géintiwwer Accompagnementer. Aus Sécherheetsgrënn mussen ëmmer (sou wäit et méiglech ass) zwee Leit vum Personal matgoen.
Dëse Service ass och net gratis. E kascht 40,- pro Stonn, onofhängeg dovunner, ob mir mat onser Camionnette oder engem aneren Transportmëttel musse matfueren. En ass och net obligatoresch. Wann et Äre Wonsch, ass kënne mir och een Taxi, de Ruffbus oder eng Ambulanz bestellen. Egal wéi Dir iech entscheet, mir stinn Iech zu Verfügung.

Léif Gréiss
René Lebboroni

# Retro

D’Fotoe schwätze fir sech. Déi lescht Joren hate mir ëmmer nees en Oktoberfest. D’Personal war verkleet an och en Deel vun de Leit. Gutt Musek a gutt lessen hunn zu der super Stëmmung bäigedroen.
An och nächst Joer steet d’Oktoberfest fest op eisem Programm.


















## Sport

CIPA ''Résidence op der Waassertrap''

# OLYMPIAD

## Freides, den 19. Mee 2017

Déi éischt Olympiad op der Waassertrap

Adress vum Dag :

60, rue Waassertrap L-4408 Belvaux



Mëttegiessen :

Spaghetti + Zalote Buffet



Umeldung bis Abrëll 2017 iwwer

Mail un animation@cipa.sanem.lu oder

um Telefon 594940-9312 tëschent 11:30 an 12:15 Auer

- Eng Équipe besteet aus **4 Leit**
- Participatioun **10€ pro Persoun**
- **Depart ass um 10:30 Auer**

# FUESMATINEE

**Donneschdes, de 16. Februar 2017**

vu 14:00 Auer un

**Jeudi, le 16 février 2017**

à partir de 14:00 heures

Am Festsall vum CIPA



# FUESMATINEE

# AM UPG



**Samschdes, de 25. Februar 2017**

um 14:00 Auer am UPG

**Samedi, le 25 février 2017**

à 14:00 heures à l'UPG













Für das Projekt ‘Menschen im Alter’ wurden über 80 Bewohner fotografiert. Anfangs war es schwierig die Bewohner für das Projekt zu motivieren, aber nach den ersten ‘Shootings‘ sprach es sich schnell im Haus herum, dass es eine tolle Sache ist und vielen Bewohnern Spaß bereitet. Viele Senioren blühten richtig auf und man konnte richtig die Freude in ihren Augen sehen. Für einige war es auch eine neue Erfahrung. 21 Bewohner wurden ausgewählt und deren Foto hing von Juli– September 2016 im ‘Park Backes‘ in Sanem und seit Oktober 2016 im CIPA REWA. Diese Bewohner sind stolz, dass sie am Projekt teilgenommen haben und ein solches Foto von ihnen veröffentlicht wurde. Auch Bewohner, welche an Demenz erkrankt sind, wurden fotografiert. Das war eine Her-









ausforderung für uns und Herrn Boggiani. Mit viel Motivationsarbeit verliefen die 'Shootings' erfolgreich.

Für uns Mitarbeiter (Lynn, Nathalie, Sabina und Rosi) war das Projekt auch eine neue Erfahrung. Es hat uns sehr viel Spaß bereitet den geduldigen, freundlichen und professionellen Fotografen zu unterstützen und die Bewohner glücklich vor der Kamera zu sehen.

Nathalie und Rosaline

An deenen nächste REWA NEWS wäert ech ëmmer nees eng Rei Matbewunner presentéiere, déi och um 'Shooting' deelgeholl hunn, an awer net an der Ausstellung waren. Ech wënschen Iech vill Freed beim Bestaune vun dëse wonnerbare Fotoen.

Lola

# Infos



E grousse **Merci** un
d'Kulturkommissioun,
dass si sech bereet erklärt hunn,
all de Residenten hier Foto ze schenken
vum Projet 'Menschen am Alter' .

**Kilometeren um Vëlo zeréckgeluecht :**
(Periode vum 01/09/16 bis de 25/11/16)

| | |
|---|---|
| 1. Schuller : | 57.9 Km |
| 2. Spautz : | 36.6 Km |
| 3. Ney : | 35.2 Km |
| 4. Schlesser : | 28.2 Km |
| 5. Rizzon : | 25.5 Km |
| 6. Simonin : | 25.2 Km |
| 7. Soanni : | 20.3 Km |
| 8. Lambé : | 18.3 Km |
| 9. Marx : | 16.5 Km |
| 10.Thurmes : | 10.1 Km |






E grousse BRAVO un
eis Residente fir déi grouss
Efforten déi si am 'Service
Therapeutique' maachen.



# Filmprojektiounen

Déi däischter Méint iwwer ginn och nees Filmer am Oratoire gewisen.

Well et esou vill verschidde Genrë gëtt, wier et flott, wann dir dem Lola aus der Equipe Animatioun, kéint Virschléi erareechen. Da gëtt et ee richteg flotte Programm, bei deem fir jiddereen eppes dobäi ass.



# Ausfluch

Am Januar 2017 organiséiert d'Marie-Paule en Ausfluch an de Vitarium op Bissen. Um Programm stinn eng Visite vun der Molkerei an uschléissenden Iessen. Wann dir interesséiert sidd, da mellt iech w.e.g. beim Marie-Paule vun der Equipe Animatioun un.







## Nächst Fester:

| | |
|---|---|
| 11. Dezember 2016 | Chrëschtbazar/Bazar de noël |
| 24. Dezember 2016 | Chrëschtsangen/Chants de noël |
| | |
| 01. Januar 2017 | Neijoerspatt/Pot de nouvel an |
| 08. Januar 2017 | Concert Apéro |
| 21. Januar 2017 | Gebuertsdagsfeier/Fête d'anniversaire |
| | |
| 10. Februar 2017 | Gedenkfeier/Soirée de Commémoration |
| 16. Februar 2017 | Fuesmatinée/Fête de carnaval |
| 25. Februar 2017 | Fuesmatinée UPG/Fête de carnaval UPG |

# Chrëschtbazar

## Sonndeg, den 11. Dezember 2016 am CIPA





Menu :

Gratin aux fruits de mer

**Ragout de biche « Grand – veneur »**

**Nouilles au beurre/ Poires au vin rouge, Chicon étuvé et Choux rouge**

Inspiration de Vincent et café

**Präis : 28 €**

Eise Bazar fänkt um 11:00 Auer moies un.

E Stand mat Gebastels a Keramik an och nach verschidden aner Stänn hu mir dëst Joer am CIPA

Wéi gouf fréier Chrëschtdag gefeiert, a wat stoung deemools um Dësch?

Chrëschtdag fréier an haut. Wa sech dëser Deeg d'Familljen erëmbegéinen un engem gutt gedeckten Dësch, denkt muenchereen u fréier Feierdeeg zréck. Cadeauen a gutt lessen hunn deemools sécher genee esou dozou gehéiert wéi haut. Mee et gouf vläicht éischter e selwer gestréckte Pullover oder eng Popp als Kaddo, an net ewéi haut, eng Iwwerflutung vu Kaddoen, déi schéinsten an deierste Saachen, déi Leit sech net ëmmer leeschte kënnen. Fréier ass een owes an d'Mette gaangen, dat war einfach esou. Haut ginn di mannsten nach dohinner. Op den Dësch koum, wat ee sech leeschte konnt . E gutt Stéck Fleesch, Gromperen aus dem Gaart, an agemaachtent Geméis aus der Spënnchen. E gutt Stéck Taart mat dem Uebst vun der Recolte vum Summer. Haut ass och dat net méi dat selwecht. D'Famillje ginn an de Restaurant oder bestelle beim Traiteur. Wat schéin a bliwwen ass, ass dass d'Familljen déi Deeg  zesumme kommen. D' Kanner, d' Enkelkanner, d' Elteren, d' Boma a de Bopa. Et gëtt zesumme geschwat a gelaacht, giess a gedronk, sou wéi fréier och.



# Chrëschtsangen







**Samschdes, de 24. Dezember 2016**

*ëm 15:00 Auer am CIPA*



# Begleethënn am CIPA

Am Laf vum nächste Joer kréie mir e Begleethond am CIPA.








# Gebuertsdagsfeier



# Concerten

mat der Jugend am CIPA.









# *Et hunn eis verlooss 2016:*

| | |
|---|---|
| *Mme SCHMIT Marguerite* | *+ 02/09/2016*<br>*AM ALTER VU 96 JOER* |
| *Mme WEBER Ottilie* | *+ 07/09/2016*<br>*AM ALTER VUN 91 JOER* |
| *Mme SCHNEIDER Marie-Josée* | *+ 25/09/2016*<br>*AM ALTER VU 86 JOER* |
| *M WILTGEN Fernand* | *+ 08/11/2016*<br>*AM ALTER VU 96 JOER* |
| *M HUBERTY Joseph* | *+ 11/11/2016*<br>*AM ALTER VUN 81 JOER* |
| *Mme MATTEAGI Adriana* | *+ 21/11/2016*<br>*AM ALTER VU 74 JOER* |

Niemals Allein

Du hast das Leben auf dieser Welt verlassen,
so wandeln wir stumm, gesenkten Blickes durch die Gassen.
Du warst ein wichtiger Mensch in unser aller Leben,
du hast uns Mut, Kraft und Liebe gegeben.

Du bist nicht mehr greifbar, nicht mehr da
Und doch... bist du uns so nah.
Denn niemals werden wir dich aus dem Herzen lassen gehen,
und irgendwann werden wir auch alles verstehen.

Warum du von uns gehen musstest, wir mussten dich lassen,
so wandeln wir weiter stumm durch die trüben Gassen.
Aber vielmehr noch würdest du dir wünschen dass wir glücklich sind,
Du gibst uns Kraft, Mut und Willen durch die Erinnerung an dich und durch dein Kind.

Für immer wirst du in unseren Herzen sein,
Niemals sind wir in Gedanken an dich allein

Ingeborg Lesmeister

## Gedenkfeier

Freides, den 10. Februar 2017
um 19:00 Auer am
Festsall vum CIPA



## Soirée de Commémoration

Vendredi, le 10 février 2017
à 19:00 heures dans la
salle des fêtes au CIPA

## Wëllkomm eisen neie Mataarbechter 2016

## Bienvenue aux nouveaux collaborateurs 2016

| Nom | Prénom | Date d' entrée | Service |
|---|---|---|---|
| SCHAMBURGER | Laura | 01/10/2016 | Service Thérapeutique |
| FREIS | Kevin | 01/10/2016 | Cuisine |
| GOMES GANDARINHO | Susana | 15/10/2016 | Cuisine |
| RIBEIRO MAGALHAES | Pedro | 16/10/2016 | Restaurant |
| GOMES DOS SANTOS | Liliane | 17/10/2016 | Assistance & Soins BF1 |
| BERNARDY | Damien | 20/10/2016 | Assistance & Soins BF2 |
| GONCALCES DA CUNHA | Maria | 01/11/2016 | Cuisine |

**Mir wënschen der Madame Jeanny Decker eng wonnerschéi Pensioun.**



*Schéi Feierdeeg*
*an e glécklecht a gesond*
*Joer 2017*
*wënschen Iech*
*dat ganzt Personal vum*
*CIPA*
*'Résidence op der Waassertrap'*

# Neijoerschpatt

Pot de nouvel an

Sonndes, den 1. Januar 2017

um 11:00 Auer

